LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 13 octobre 2020

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement

REÇU
Par Alff Christian , 13:21, 13/10/2020

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L - 2338 Luxembourg

**Concerne : question parlementaire n° 2713 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Fernand Kartheiser.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2713 vum honorabelen Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

**Ad 1, 2, 4, 5 a 6)**

Dës Froe goufen an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 2568 traitéiert.

**Ad 3)**

D'Fro no den Acteure gouf an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 2568 traitéiert.

Wat d'Raimlechkeete betrëfft, goufen d'Coursen an de Grondschoule respektiv an enger Rei vu Lycéeën organiséiert.

Duerch de Fait, datt d'Unzuel vun de Schüler pro Cours reduzéiert war, konnt dofir gesuergt ginn, datt déi eenzel Gruppen sech net begéint sinn an datt e groussen Ofstand tëscht de Bänke konnt agehale ginn.

Wärend den Nohëllefscoursë waren déi nämmlecht temporaire sanitär Recommandatiounen am Kontext vum COVID-19 ze respektéieren ewéi am normale Schoulbetrib.

Vu datt d'Nohëllefscoursen ausserhalb vun der Schoulzäit organiséiert goufen an d'Kanner zu verschiddene Momenter un den eenzelne Coursen deelgeholl hunn, ass kee Schoulbus virgesi gewiescht.

D'Nohëllefscoursë goufen net per Video ofgehalen. Allerdéngs ass d'Material fir d'Schüler, dat vum SCRIPT entwéckelt gouf, online accessibel iwwert den IAM-System, sou datt d'Kanner och vun doheem aus konnte respektiv kënnen Übunge maachen.

**Ad 7)**

Am Enseignement fondamental kruten déi temporaire Remplaçanten, déi am Kader vun der Kris rekrutéiert goufen, ee Kontrakt iwwert 2 Méint vum 22.05.2020 bis 22.07.2020. Deementspriechend waren dës Enseignanten net an der Schoulvakanz agestallt.

All des Remplaçantë goufe wärend der Durée vun hirem Kontrakt fir ënnerschiddlech Aufgaben an den ëffentleche Grondschoulen agesat. Dës Aufgaben, déi jee no Erfarung vun de Remplaçantë verdeelt goufen, waren d'Betreiung vun enger Léiergrupp, d'Ersetze vun engem Enseignant am Krankheetsfall, d'Betreiung vun enger Übungsgrupp oder d'Ëmsetzung vun zousätzlechen Differenzéierungsaktivitéiten an de Léiergruppen.

Esou goufe Studenten aus dem Studium "Bachelor en Sciences de l'Éducation" a Persoune mat enger Attestation de remplacement zum Deel a bei Bedarf am Léiergrupp agesat, wärend déi Studente mat manner Erfarung ausschliisslech am Übungsgrupp agesat goufen, wou si dank dem Suivi vun der Equipe pédagogique a virun allem dem Titulaire de classe eng adequat Prise en charge ubidde konnten.

Déi Agente mat gerénger Erfarung am Encadrement vu Kanner am Grondschoulalter goufe prioritär als Renforcement agesat an hunn zesumme mat engem Enseignant d'Prise en charge vun de Kanner assuréiert. Dank dëser enker Collaboratioun gouf e qualitativ héichwäertegen Encadrement vun de Schüler séchergestallt an et konnt méi geziilt op d'Besoine vun den eenzele Kanner agaange ginn.

Fir de Cours de Rattrapage am Enseignement fondamental déi lescht zwou Woche vun der Vakanz goufen dës Leit nach eemol ugeschriwwen, a si konnten och do eng Hand upaken. 99 vun hinnen hunn dat gemaach.

D'Studenten, déi fir d'Cours de rattrapage am Enseignement secondaire recrutéiert goufen, kruten e Kontrakt fir déi Zäit, wärend där si agesat goufen. Déi meescht vun hinnen hunn duerno hire Studium erëm opgegraff.

**Ad 8)**

Fir weiderhin den Developpement vun de Schüler hire Kompetenzen verstäerkt ze favoriséieren an esou eventuelle Lacunnen, déi wärend dem Confinement entstane sinn, entgéintzewierken, gouf decidéiert, och am Schouljoer 2020/2021 Nohëllefscoursen unzebidden.

Am Enseignement fondamental fokusséiert sech d'Offer vun den Nohëllefscoursen dës Kéier op d'Schüler aus dem Cycle 4, dëst och well hei d'Orientatioun an den Enseignement secondaire virun der Dier steet. An dësem Kontext konzentréieren sech d'Coursen op déi dräi Haaptfächer, esou datt jeeweils eng Stonn pro Fach a Joergang ugebuede gëtt:

| Cycle | Mathématique | Langue Allemande | Langue Française |
|---|---|---|---|
| Cycle 4.1 | x | x | x |
| Cycle 4.2 | x | x | x |

Dës Nohëllefscoursë ginn tëscht dem 9. November 2020 an dem 12. Februar 2021 organiséiert.

Am Kader vun dëser fakultativer Offer kënnen déi eenzel Schüler jeeweils un engem Cours deelhuelen. D'Titulaires de classe maachen zesumme mat der pedagogescher Equipe eng Analyse vum Developpement vun de Schüler hire Kompetenzen an den eenzele Kompetenzberäicher. Doropshi kontaktéieren si d'Eltere vun de betraffene Schüler, fir déi si d'Nohëllefscoursen als sënnvoll ugesinn. D'Eltere kënnen dann enger Inscriptioun vun hirem Kand an ee Cours de rattrapage zoustëmmen.

D'Nohëllefscoursë stellen eng komplementar Offer zum Appui pédagogique duer, am Kader vun deem d'Enseignanten och aktuell schonn op déi spezifesch Besoine vun de Kanner an alle Cyclen aginn. Den Appui pédagogique ass eng laangfristeg Mesure, déi am Kader vun der Schoul an alle Cyclen ugebuede gëtt. Wärend dëse Stonne kënne spezifesch Differenzéierungsmoossnamen, déi vum Cycle decidéiert ginn, am Kader vun enger inklusiver Approche ugebuede ginn, fir datt d'Kanner esou vun enger zousätzlecher Färderung profitéiere kënnen.

Am Enseignement secondaire gëtt an enger éischter Phas de Bilan gemaach vun den eventuelle Léierschwieregkeeten a Lacunne vun de Schüler; duerno kommen d'Conseils de classe zesummen, fir de Schüler ee personnaliséierten Accompagnement unzebidden. Dësen Accompagnement wäert vun den titulariséierten Enseignantë vun deene verschiddene Klassen assuréiert ginn. Den Educatiounsministère huet dofir de Schoulen de Contingent u Leçons "APPUI" an "ETUDE" em 20 % eropgesat.

**Ad 9)**

Fir d'Modullen, déi wéinst der Kris net konnten évaluéiert ginn, gouf am Schouljoer 2019/20 eng Dispens erlooss (*Loi du 20 juin 2020 portant dérogation à l'article 33 de la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle*). D'Inhalter vun de praktesche Modulle gi vun de jeeweilege Betriber an der Praxis nogeholl. Fir de Schüler an de Formatioune vum HORESCA a

Commerce ze erméiglechen, Inhalter, déi wärend dem Confinement net konnten am Betrib stattfannen, an der Schoul ze widderhuelen, goufen d'Examen decaléiert.

D'Repercussioune vun der Kris op d'national Ekonomie riskéieren zu engem Réckgang vun de Léierplazen ze féieren : bis de September 2020 goufe bei der ADEM manner Léierplaze wéi am selwechten Zäitraum am Joer 2019 deklaréiert. De Ministère fir Educatioun, Kanner an Jugend huet dofir eng Rei Mesuren decidéiert, fir d'Kontinuitéit vun der Formation professionnelle ze garantéieren.

D'Prioritéit läit op zwee Voleten:

a) d'Ausbildung vun de Léierbouwen a -meedercher an de Betriber ze sécheren;
b) et all Schüler, dee keng Léierplaz an engem Betrib ka fannen, ze erméiglechen, seng beruflech Éischtausbildung an der Schoul weiderzeféieren.

Tëscht Juni a September 2020 goufen deemno follgend Mesurë geholl:

1. Fir et den zukünftege Léierbouwen a Léiermeedercher, déi 2020 eng 5e ofgeschloss hunn, ze erliichteren, e Léiervertrag ze fannen, gouf per Gesetz den Delai, fir d'Léierverträg ofzeschléissen, vum 31. Oktober op den 31. Dezember verlängert. D'Gesetz gouf den 20. Juni an der Chamber gestëmmt (*Loi du 20 juin 2020 relative aux mesures temporaires dans le domaine de la formation professionnelle et portant dérogation à l'article L. 111-3, paragraphe 4, du Code du travail*).

2. Am Kader vun de Mesuren, déi dorop ofzilen, den Impakt vun der sanitärer Kris op d'Wirtschaft opzefänken an d'Beruffsausbildung vu Jonken ze sécheren, huet de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, am Accord mam Ministère fir Aarbecht, Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft an de Sozialpartner decidéiert, d'Ausbildungsbetriber mat enger "Prime unique pour la promotion de l'apprentissage dans le domaine de la formation professionelle" finanziell doran ze ënnerstëtzen:

a) hir Léierbouwen a Léiermeedercher virun ze beschäftegen;
b) zousätzlech Léierplazen ze schafen;
c) Léierbouwen a Léiermeedercher, bei deenen de Léiervertrag wéinst der Kris opgeléist gouf, ze iwwerhuelen.

De Projet de loi n° 7661 gouf de 7. September 2020 an der Chamber deposéiert.

3. Schüler, déi kee Vertrag konnten ofschléissen oder net konnten am Fall vun enger Faillite vun engem anere Betrib iwwerholl ginn, ginn duerch zousätzlech Klassen, déi an de CNFPC Esch-Uelzecht an Ettelbréck geschafe ginn, opgefaangen.

4. Doriwwer eraus wäerte fir d'Schüler, déi kee Léiervertrag ofschléisse konnten, am Schouljoer 2020/ 2021 och an de Lycéeë fir bestëmmte Formatioune Klassen zur Verfügung stoen, an deenen de prakteschen Deel vun der Formatioun an der Schoul stattfënnt.